# " ONS JONGEN "

Dem Gauleiter Gustav Simon séng Aufgab war ët Lëtzebuerg "Heim ins Reich" zeféeren an d'Lëtzebuerger fir d'Nazi Doktrin ze gewannen. Trotz "Volksdeutsche Bewegung", kulturel a preisesch weltuschaulech Propaganda Owender a Manifestatiounen,an alle Stied an Dierfer vum Land war awer de Gros vun onsem Vollék nët vun dësem "preisesche Quatsch" ze iwerzéegen, wéi ët ënner gudde Lëtzebuerger deemols geheescht huet. No dëser Well "vu gudde Wiêder" oni Erfolleg, gouf zum Drock gegraff deen no an no mei staark gouf. Speziell déi Leit, op Arbechtsplazen wou et méi licht war Drock ob sie ze maachen, wéi z.B. Gemengepersonal mat engem preiseschen oder aus dem Reich importéierte Buergermeeschter, oder a staatleche Verwaltungen, hun sech an d'VdB (Volksdeutsche Bewegung) ophuele geloss, a wann net anescht méglech och de "Roff" gedroen. "Roff" war de Lëtzebuerger Numm vum VdB Ofzeechen. Awer nët nëmmen de passive Widderstand géint all Versich vun der Nazifizéierong gouf vum Ënnerdrécker régistréiert, mä den aktive Widderstand as gewues,huet sech organiséiert, sech gewiesen an de "Besatzung's Preisen" Kappbrieches gemat.

Eng ähnlech Situatioun gouf et och an der Lorraine an am Elsace. No der Iwerliewerong soll de Gauleiter Wagner Robert d'Initiativ ergraff hun fir d'Wehrpflicht an deenen 3 Gauen anzeféeren. Well nun awer d'Wehrmacht nët vun desen Zwangszaldoten begeeschtert war, war eng dementspriechend Demarche vun deenen 3 Gauleiter Wagner Robert, Bürkel Josef an Gustav Simon beim Hitler persénlech nodwendeg. Bei deser Entrevue zu Winnitza an der Ukraine un déer och de Keitel, Rippentrop, Himmler a Bohrmann deelgehol hun, huet den Hitler sein Accord gin. Doeropperhin koum et den 25ten August an der Lorraine an am Elsace an den 30ten August 1942 zu Lëtzebuerg zu de Veruerdnungen iwert d'Zwangsrekrutéierung vu Franzousen an Lëtzebuerger an déi däitsch Wehrmacht.

D'Unuerdnung vum 30ten August 1942 huet fir unzefänken Joergäng 1920 bis 1924 viséiert.
Wie waren dës Jongen, deemols 18 bis 22 Joer al ?
Déi meescht also aus dem schoulpflichtegen Alter eraus, en Deel awer nach Studenten. Et dierf awer nët vergiess gin, dass 3 Joer virdrun, 1939, mat groussem Pomp d'honnertjoer Onofhängegkeet vum Grand-Duché gefeiert gouf. An deemols haten Joergäng 1920 bis 1924, 15 bis 18 Joër. Waren also d'Jugend vun där Zäit an als dée aktiv, an all méigleche Veräiner a bei alle Feierlechkeeten mat derbäi. Si stungen an der éischter Rei wann d'Fräiheetsbeem an hirem Duerf geplanzt gouven. Si waren d'Aktivisten op de festlech gerëschte Wéen vun den Ëmzich. Si hu gehollef d'Fräiheetspuetten opriichten an hun d'Rieden vum de Gemengenpäpp an de Ministeren nogelauschtert. Si hu sech begeeschtere geloss an hun un d'garanteiert Onofhängechkeet a Fräiheet vun hierem Land geglëwt. Si haten déi éischt a lescht Strof vun der Hémecht geléiert, hu mat Begeeschterong matgesongen an sin iwerzeecht mat "Lëtzebuerg de Lëtzebuerger" an de Kouer mat agefall.

An dëser heemechbewosster Euphorie kum den 10. Mee 1940 den däitschen Iwerfall. Als Jugendlecher gouwe sech nach keng all zegrouss Suergen bei der Evakuéierong an d'Frankräich oder an den Norden vum Land gemat, an no an no hu si gemengt,dat normalt Liewen an onse Stied an Dierfer geng nees weidder goen. Awer fir munchereen vun hinnen gung schon den Eescht vum Liewen un. T'Schoulzäit wor eriwer an un eng Arbechtsplaz oder un eng Léier huet musse geduecht gin. Och d'Studenten hu sech misse Gedanke maachen iwert d'Orientéierung fir d'spéidert Liewen.

An du kum de Kontakt mat de Vertrieder vun der "Neuen Ordnung". Op d'Schmelz oder op d'Eisebunn ze kommen war zwar méiglech awer nët ouni an der Hitlerjugend ze sin. Bis dohinner konnt ee sech lanscht dës "Blairerten" dreecken.
Awer elo, an d'Hitlerjugend ze goen fir eng Plaz ze kréien, dat wollten, konnten déi nët, déi scho virun dem Iwerfall de Scouteneed ofgeluegt haten, déi mat Iwerzeegong "Lëtzebuerg de Lëtzebuerger" zichmol gesongen haten. Neen; da léiwer warden, warden bis de Krich eriwer as, déen Preisen jo a kirzester Zäit verléiere sollten. Oder op d'Land, bei de Bauer hëllefe goen oder bei engem private Patron "ënner Dag" kommen.

Ouni "Heil Hitler" gong ët och an der Handwierker- an an der Industrie-Schoul, wéi och am Kolléisch nët. Deen een as du "guddwëllech" doheem bliwen, deen aneren as eraus geflunn.

Den Erfolleg, trotz grouss opgezunner Propaganda, fir sech fräiwëlleg an den "Arbeitsdienst" (RAD) ze mëllen war bei der Lëtzebuerger Jugend gläich Null. Och deen dorop erfolgten obligatorischen RAD as nëmme mat Protest, Widderstand, a Widdermut akzeptéiert gin. Den Trotz a munchem Lëtzebuerger jugendlechem Kapp huet dun schon zum Refraktär an d'Flucht aus dem Land gefouert mam Ziel zu den Alliéierten ze stoussen.

An déi elo opgezielten Stömmung an Astellung vum Lëtzebuerger Jonktem, platzt dem Gauleiter Simon seng Veruerdnung iwert d'Zwangsrekrutéierung vun de Joergäng 20 bis 24.
Elo gouf ët batteren Eescht, an dat huet jidderee gespiert : ob al oder jonk. Hei muss en däitlech Signal gesat gin. E kloert Neen dem Ënnerdrécker. De Streik war d'Änwert !
An och heibäi waren d'Jugendlech nët nëmmen derbäi, mä hun aktiv mat-gehollef d'Stier ze bidden : Mat alle Konzequenzen ! Och op den rouden Exekutiounsplakaten stungen hir Nimm.

Awer nach eppes gouwen sech déi Jonk Leit deemols bewosst. E ganzt Vollék stellt sech virun si, viru "séng Jongen", wëllt si beschützen, wëllt dem Preis säin Ziel, d'Lëtzebuerger Jugend ze vernichten, nët zoulossen. "Ons Jongen" wéi ët spontan geheescht huet, hu gespuert a gefillt, wéi eng bis dohin nët bekannt Solidaritéit sech ëm si forméiert huet. Wéi de Courage vu ville rouhegen an onopfällege Bierger iwert si eraus gewuess as an si nët gezéckt hun alles ze riskéieren fir engem jonkem Lëtzebuerger säi Liewen ze retten.

An dësem Bewosstsäin kum dun den Dag wou hien sei Stellungsbefehl an der Hand hat. Wou jidder eenzelne sech an duerchwuechte Nuechten gefrot huet : Gees du oder gees du nët ? Affers du dech oder lees du deng Elteren a Geséschter de Risk vun Déportatioun a Prisong, Kazett oder Ëmsiedlung lafen ? A jiddereen huet séng Décisioun musse selwer huelen. Esou wéi säi Gewëssen him ët diktéiert huet.

An esou sin och déi eenzel Schicksaler verlaf. Gefall, schro a schwéier mutiléiert, krank a fréihzäiteg gestuerwen, am Prisong, Kazett a Strofkompanie, am Gefaangelager gestuerwen, zu Tambow erhingert, beim Iwerlaafen erschoss, mat der Waff an der Hand an den Alliéierten Arméën, am Maguis an an der Arméë Blanche, verstopt a verroden.
12.000 Zwangsrekrutéiert, 12.000 verschidde Schicksaaler.

Dat war d'Katastroph, déi mam 30ten August 1942 iwert d'Lëtzebuerger Jugend "Ons Jongen" era gebrach war.

Fédération des Victimes du Nazisme
Enrôlées de Force